DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 8. November 2019

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou eméi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeleeden:

„An Italien ass viru kuerzem e System agefouert ginn, dee Leit mat klenge Kanner oder Puppelcher am Auto dozou verpflicht, e Warnsystem un de Kannersëtz z'installéieren fir de Fall, dass d'Kanner am Auto vergiess ginn. Effektiv sinn an Italien scho Kanner gestuerwen, déi bei grousser Hëtzt am Auto vergiess gi sinn. Den neie System soll dat an Zukunft verhënneren, well an esou enger Situatioun e Warnsignal ausgeléist gëtt.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute folgend Froe stellen:

- *Kennt den Här Minister dëse System?*
- *Fënnt den Här Minister et sënnvoll fir dëse System och zu Lëtzebuerg obligatoresch ze maachen?*
- *Sinn der Regierung Fäll bekannt, an deene Kanner gestuerwen oder schwéier blesséiert gi sinn, well se bei héijen Temperaturen am Auto bliwwe sinn?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten